SITCOM – DE FILM (Richtung22 2013)

---------- SZEEN 1 ----------

De Joé gëtt vun 2 LIXO-Agenten duerch en donkle Gank eskortéiert. Si kommen bei eng Dier, hannert däer een e Mann kräischen héiert.

Joseph: Wann ech glift... Wann ech wéinstens mäin 11te Mount kéint kréien! Ech ka meng Famill sou einfach net ernähren!
Tatta: Net mäi Probleem.
Joseph: Mee Madame Chef!
Tatta: Säitdeems du d'Anti-Stress-Kugelen fir LIXO entwéckelt hues, bass de mat absolut näicht Neiem méi geschiert komm. Du hänks lo schon zënter virgeschter 9 Auer 17. um Projet “Solarzellen-Dréirad fir mäi Mupp” an ech gesi nach ëmmer keng Resultater.
Joseph: Ech hun nach vill aner Iddien!
Tatta: 3 Wochen. Je nom Erfolleg vun dengem Projet, schwätze mir iwwert deng Paie... oder deng Entloossung. Schmäisst e raus.

D'Dier gëtt opgemaach, an zwee aaner LIXO-Agenten schleefen den jäitzende Joseph laanscht de Joé.

Tatta: Nächsten!

De Joé gëtt an de Sall gedréckt. Dëse Raum huet eng eenzeg Liichtquelle: d'Bürosluucht um Büro an der Mëtt vum Raum. Hannert deem sëtzt d'Tatta, an iwwerpréiwt ee vun den Dossier'en, déi si aus engem grousse Koup vun identescher Dossier'en geholl huet. Un all Eck vum Raum steet en Agent a niewt der Tatta steet och een. De Joé gëtt op de Stull vis-à-vis vun der Tatta gedréckt a kuckt d'Fra firu sech ugespaant un. Den Joseph hällt op eemol mat Jäitzen op, wéi wann een hien K.O. geschlo hätt.

Agent 1: Nummer 219, Joé Schneider. Den eelsten vun 5 Kanner. Master-Ofschloss an der Aarbechtspsycho. Huet d'lescht Joer als Firmenpsychologue bei eis ugefaangen. Nieft sénger regulärer Aarbechtszäit huet e Fortbildungscoure beim Roude Kräiz besicht. Bezuelt 30 Stonnen, Regulär 50 Stonnen
Joé: Plus 10! ...wann een d'Iwwerstonne matzielt.
Tatta: Ah, dat ass deen, dee mer agestallt haten, fir eis Leit bei der Staang ze halen. Wat hues du eigentlech an deene leschte 6 Méint gemaach?
Joé: ...ma ech hat vill ze dinn... den Drock a Stress deem d'Employéen all Dag ausgesat sin ass enorm. Do kënnt neierdengs och nach d'Angscht dabäi, entlooss ze gin. Souvill Leit, sin a leschter Zäit rausgeflunn...
Tatta (*rosen*): An dowéinst schwätze mir lo iwwert dech. Ech muss hei dausende vu gudde, manéierlechen Employéee räusschmäisse, just wells du däin Job net hikriss!

Den Agent hannert him hëllt eng Schachtel aus der Täsch, an hällt se open niewt dem Tatta. 2 Anti-Stress-Kugelen sin dran, an d'Tatta hëllt se an léisst se an senger Hand rondrem dréihnen, d'Aan zou.

Joé (*beleidegt*): Majo wann Dir wëllt dass ech d'Employéeen motivéiert halen, däerf d'Management net géint mech schaffen. Ech däerf jo praktesch naicht maachen, ausser hinne Stressbäll an d'Hand ze drécken an ze soe “Schafft gudd a fläisseg, dann ass d'Firma frou mat ierch”.

Agent 1: Vläit..."Kniet a go, maach d'Firma frou"?
Tatta: *(zum Agent)* Perfekt. Schreiw dat op, dat ass brilliant. Wat brauch ee méi als Motivatioun?
Joé: Moment...
Tatta: Méi komplizéiert ass et net. Dofir verstin ech net firwat et am leschte Mount 120 Tëschefäll mat mengen Aarbechter gouf. Ech hunn net onendlech Employéen hei.
Joé: Do kéint driwwer diskutéi...
Tatta: "Kniet a go, maach d'Firma frou" Vläicht misst de selwer dengem Motivatiouns-Sproch nolauschtren. A wann dat net duergeet: däi Contrat d'Initiation à l'emploi leeft an zwou Wochen of. Deng Aarbecht ass ënner aller Klarinett. Rapp dech um Bidong, soss ass héi zukünfteg net mol méi een onbezuelte Stage fir dech dran. Soit, als Arbechtspsycholog wäerts DU mat Aarbechtslosegkeet schon eenzginn, gell du?

- - - - - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 2 - - - - - - - - - - - - - - - - - - -

Präsident *(OFF)*: D'Probleemer vun der jonker Generatioun sinn d'Probleemer vun der ganzer Gesellschaft. All Bierger leid un der Kris an eis Schicksaler sinn uneneen gekoppelt.

Präsident gëtt ageblennd. Hien sëtzt virun engem Kamäin (Greenscreen), mat engem Dännebeemchen an ee puer Lännerfändelen am Hannergrond

Et ass schwéier, sech agestoen ze mussen, dass et net méi sou weidergoe kann, wéi bis elo. Mir mussen eis Länner prett maachen, fir ee Wiessel.
Ech schaffen all Dag an immens haart dorunner, eis Staaten um Lafen ze halen. Ech hunn ni ee Merci gefuerdert, ech gesinn et als meng Pflicht.
Ech kann Iech soen, dass et wéi deet ze gesin, wéi verschidde Jugendlecher eise gemeinsame Projet mat de Féiss trëppelen a léiwer Volleksfester op de Stroosse feieren.
Dei héich Jugendaarbechtslosegkeet huet mech dozou gefouert, d'Konditioune fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, e bëssi ze modifizéieren. *(hellt eng Brochure raus)*
All Jonken huet vun lo un d'Pflicht eng Aarbecht ze hunn an all Firma huet vun lo un d'Recht, Aarbechtsplazen zu deenen Konditiounen unzebidden, déi fir hire Betrib am Nëtzlechste sinn. Eis Jugendlecher hu laang genuch op de Käschten vun deenen aneren Generatioune geliewt.
Ännerungen wäert et matt eisem néie Programm och am Gesondheetswiesen, der Educatioun, am Gesondeheetswiesen, bei de Renten, am Gesondheetswiesen an am Film- a Kultursecteur ginn.

Et gëtt emgeschalt, Cinemag um Kanal vun der FIRMA

Moderator: „Den Dag, un deem meng Grousselteren ze spéit heem komm sinn" heescht däi Coup de Coeur vun dëser Woch. Dir Jempi, huet en also gutt gefall?!
Filmkritiker: E wierklech iwwerzeegende Film jo. Ganz impressionant Biller. D'Schicksal vun deem jonke Borscht ass einfach emouvant. Dem preiseschen Agresseur sou ouni Rücksicht op dat eegent Liewen déi Spiichten ze spillen: Ech si frou, dass nach Filmer produzéiert ginn, déi eiser Jugend mol weisen, wei aner Generatiounen gelidden hunn.

Et gëtt emgeschallt, Reklamm vun der FIRMA

Reklammstemm VO: Déng individuell Recharge fir d'Aarbechtsplaatz: elo nach mei intensiv schaffen! Matt den neie Stressbäll vu LIXO pass du dech ouni Probleem dengem Emfeld un a bass lo nach méi laang fit fir d'Arbecht. Knied a go, maach d'Firma frou!

Et gëtt ausgeschallt.

- - - - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 3 -

Am Hannergrond gëtt grad d'Reklamm vun der FIRMA wechgezappt / TV ausgemeet
D'Hanna, d'Andy an d' Catherine sëtzen un engem Dësch.

Hanna: Op alle Fall huet e LIXO net frou gemaach. Sou steet et zumindest a séngem Entloossungsbréif.
Catherine: En aarbechtslosen Aarbechtspsycholog...
Andy: An doweinst läit dei Brudder lo an de der Klinik?
Hanna: Seng Firma huet hien an den Nervenzesummenbroch gedriwen. Dunn hu se em e Vitamincocktail gemixt, dee sou staark war, dass en dovunner eng epileptesch Kris gebaut huet, während däer en d'Trapen rofgefall ass. En hat 30 sek. kee Sauerstoff am Gehir an jo.. An der Klinik ass en och lo net méi, wéints Kierzungen am Gesondheetssecteur. Lo hänkt hien doheem am Rollstull an zielt d'Luuchten um Plafonk.
Catherine: Batter.
Andy: Batter? Et suckt gehierlos, Mann! De riese Suck!
Catherine: E kéint jo eng Plainte maachen!
Hanna: Géint LIXO? Da kënnen mer en jo direkt begruewen!
Andy: Dat Ganzt MUSS un d'Öffentlechkeet, Hanna! Et muss een de Leit soen, wéieng Nazi-Methoden do benotzt ginn! Mir mussen een Zeechen setzen.
Catherine: Du kanns jo ee Lidd driwwer schreiwen.
Hanna: Seng Band huet sech geschter... opgeléist.
Andy: Du kéins jo e Film driwwer maachen.
Catherine: Gleew mer de Joé als Beisp0ill ass net Öffentlechkeetstauglech! Sou ee Film geif sech kee Mensch ukucken.
Hanna: Et geet jo net just em de Joé, mee em allgemeng Aarbechtskonditiounen. Vläit kënnt dat selwecht op eis duer.
Andy: Wa mer bis eng Aarbecht hunn!
Catherine: Ech ka mech bei mengem Monni, dem DeMonni am Fong net bekloen.
Andy: Uh, déi fei Madame huet eng Aarbecht, uh, déi fei Madame schafft beim Film, uh, där feiner Madame geet et gutt am Liewen...
Catherine: Ech wëll jo just soen, datt et am Filmgeschäft anescht leeft. Mäi Monni, den DeMonni, huet wierklech eng aner Aarbechtswelt opgebaut.
Andy: Bla.
Catherine: Do wier dem Joé mat Sëcherheet naischt sou geschitt. Wann der mer net gleewt, huelen ech iech mat, da kënnt der iech jo selwer iwwerzeegen. Virwat net lo direkt?
Andy: Pff...
Hanna: Moment, ukucke kënne mer eis et jo ëmmer. Falls et eng Alternativ zu LIXO gëtt, ass et jo besser wa mer se kennen. Okay?
Andy: Okay!
Catherine: Okay!
Andy: Okay!
Catherine: Okay!
Andy: OKAY!
Catherine: OOOKKKAAAAYYY!

- - - - - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 4 - - - - - - - - - - - - - - - - - - -

Dem DeMonni säi Büro ass ganz schick. Dräi Canapéen stin an enger Dräiecksform ëm een Dësch, an de Büro vum DeMonni hannen am Raum, tëscht 2 groussen Etagèren mat verschiddenen Objet'en. Während den DeMonni säin Telefonsgespréich beendegt, steet d'Kulturministesch (K-M) mat engem Glaass Wäin bei der Fënster a kuckt gelangweilt raus. Soubal den DeMonni fäerdeg ass an lo een Regierungsdokument duerchbliedert, fänkt den K-M un haart ze kommentéiren.

K-M: Här DeMonni, de Kultursekteur soll eng Aarbechtswelt ginn, wéi all aner och.
DeMonni: Mee dir kënnt eise Budget net sou drastesch kierzen. Mir sinn hei net beim Gesondheetswiesen...
K-M: De Präsident fënnt, datt d'Kultur kompetitiv gi muss. Äer Projet'en viséiren ee winzege Publique, eng “Elite”, vun däer d'Hallschent schon ausgestuerwe ass an déi aner Hallschent schafft souwisou scho fir Iech. D'Regierung spillt also mam Gedanken, Kultur offiziel als Produit ze définéiren, an dee Secteur ze privatiséiren.
DeMonni: Da wiers du eng aarbechtslos Kulturministesch. Haha!
K-M: ...Ënnert anerem. Mee ech hätt jo nach ëmmer de Ministère fir Wäibäu. Dir awer, an Är Kollege, wäerten net laang um Marché iwwerliewen.
DeMonni: Ech duecht d'Regierung wéilt Qualitéit, Klassiker, Transzendenz an der Konscht! Ech hunn iech dem Johann Liebingen seng Mise-en-Scène vum Brecht geliwwert, dem Jean-Luc Roussard säin modernt Danz-Stéck zur Kritik vun der Intoleranz op d'Bühn bruecht, a vergiesst net dem Vital Riveta säi Film iwwert den daf-blannen Pianist mat Tourette-Syndrom! A dat geet lo op eemol net méi duer?
K-M: Loosst Iech eng afalen! Liwwert eppes Neies! Soss stëmmen herno nach déi gréisst Konschtfanatiker an der Regierung dofir, déi europäesch Héichkultur äus China z'importéieren. Domat wiren dann och déi lescht staatlech Subventioune gestrach.

D'K-M schenkt dem besuergen DeMonni méi Wäin an säi Glaass.

DeMonni: Eppes Neies liwweren...
K-M: Jo. De Secteur muss jonk, dynamesch a kreativ ginn, fir wirtschaftlech ze wierken. De Kreativsektor huet Zukunft.
DeMonni: Ma mir sinn jonk, mir hu lo en plus zanter kuerzem ee Jugendlecht dat hei schafft! Grousst Potential, huet organisatoresch Talenter... Ech loossen et de Moment mol nach Kaffi man, sou huet all grousse Kënschtler ugefaangen, et däerf ee jo näicht iwwerstierzen...
K-M: *(Reselt de Kapp)* Dat wäert wuel käum duergoen, Här DeMonni...
DeMonni: Dann mussen mir lo einfach séier Jonker hei raschleusen. Dat mecht schon mol den Androck, wei wann hei géif eng lafen. Wanns du dat do uewe gutt verkeefs, dann misst dat awer fir den Ufank duergoen.
K-M: Alles schéin a gudd, mee wou wëllt der sou séier Jonker fannen, déi schellen dach net einfach sou un der Dier?

Et schellt un der Dier.

- - - - - - - - - - - - - - - - - - **S Z E E N 5** -

Et gesäit een di dräi Jonk duerch e Kucklach virun der Dier ston.

DeMonni: Dier wëllt bestemmt fir mech schaffen?

Den Henri an den Andy sin emmer nach umgaangen : Okay - okay - okay - okay...

Andy: OKAY!
DeMonni: Ma da kommt mol eran.

(Si ginn an dem DeMonni säi Büro)

DeMonni: Oh hei, ech gesinn, d'Kulturministesch ass am Zeenewiessel verschwonnen. Da kann ech Iech a Rouh vun Ärer zukünfteger Aarbecht sangen. Natierlech nëmme, wann der interesséiert sitt. Läuschtert gutt no.

Dir hutt wuel nach net vill héieren
vun dëser mysteriéiser Welt.
Kommt loosst iech vu mir entféieren.
Ech si sécher dat et iech gefällt.

Film ass Spannung Spass a Gefill
Péng, Courage, Haass, Dout an Léift.
Et ass Konscht am ganz grousse Stil
Se rappt de Publique mat an d'Deift.

There's no Business like Showbusiness
Dier kennt maachen wat der wëllt.
D'Liewen as eng eenzeg Kirmes
Wou nëmme Fräiheet gëllt.

(Zum Hanna)
Néirens as méi Solidaritéit
Wéi um Set bei engem Dréi.
Hanna: Wann een zesummen eppes dréit
Zielt vun all Eenzelnem d'Meih.

DeMonni: *(Zum Andy)*
E Film kann d'Welt veränneren.
E schléit heinsdo an wéi eng Bomm,
Andy: Pulveriséiret d'Strukturen.
D'Zäit fier eng nei Idee as komm.

Catherine: Mier kennen och Räichtum a Succès wielen.
DeMonni: Dat steet Iech natierlech fräi.
Catherine: Sou eng Chance kritt ee nëmmen sielen.
DeMonni: Heescht dat dir sitt dobäi? Super, well**:**

(Iwwergank an de Produktiounsraum, si dreine sech op d'sait, an sinn dran)
There's no Business like Showbusiness
Dier kënnt machen wat der wëllt.
D'Liewen as eng eenzeg Kirmes
Wou nëmme Fräiheet gëllt.

DeMonni: Ech hunn als generéise Mann

Eng brilliant Propose ze man:
Vu muer un schafft dier bei mier an dann
schaaft dier Konscht fier d'An.

Dier kritt äer eege Produktioun
Ech mësche mech a guer näischt an
An ee klengt Wuert zu Ärem Loun
Et sinn och e puer Euro dran

All zesummen: There's no Business like Showbusiness
DeMonni: Dier kënnt maachen wat der wëllt.
All Zesummen: D'Liewen as eng eenzeg Kirmes
Wou nëmme Fräiheet gëllt.

Duerfier ennerschreiwt hei, hei, hei, hei
hei, an heiiiiiii mat äerem Blutt.

D'Catherine huet de Vertrag geholl

Catherine: Mee Monni, ech mengen dat hei ass de falschen Vertrag. Hei steet "Liwwerung vun 10'000 Tonne Beton fir Szeen 18".
DeMonni: Euh, sorry, hei ass de Richtegen: ennerschreiwt heiiiiiiiiiii mat äerem Blutt.
Hanna: Ech ka kee Blutt gesinn.
DeMonni: Dann huelt alt e Bic. An zeckt net Är Kollege mat u Bord ze zéihen. Ech setze mech scho laang fir méi jonk Leit an der Kultur an. *(hellt dei ennerschriwwe Verträg an de Grapp)* Sou, ech maache mech lo fort, ech hunn ze dinn, ciao.

(Peng. Hie léist sech an enger Dampwollek op.)

- S Z E E N 6 -

D'Hanna, d'Catherine an d'Andy stin an de Produktiounsräim, déi se lo grad vum DeMonni gewise kruten, virun engem zimlech eidele Schreiwdesch op deem just een Telefon steet.

Catherine: da stelle mer lo mol eist Team zesummen!
Hanna: Moment, huet hie sech grad einfach sou a Loft opgeléist?
Andy: Mir bräuche engagéiert Leit.
Hanna: Hallo? Plothole!
Catherine: Där kommen der nach méi. Bon, mir bräuche virun allem Leit, déi wierklech eng drop hun. Wéi wier et mam Lena?
Hanna: Ween?

D'Bild wiesselt a mir gesinn d'Lena un enger Industrie-Luucht schaffen an engem Raum, wou lauter mechanesch Deeler ronderem leien.

Catherine: D'Lena huet sech als eenzeg Fra a sengem Joergang duerch eng Ausbildung als Industriemechanikerin geschloen. Zënter deem gëtt hatt all Dag Zeien dovun, wéi wéineg Vertrauen den Aarbechts-Marché jonke Fraen a klassesche Männerdomänen entgéint bréngt. Hatt huet sech dowéinst entscheed seng Hobbien zum Beruff ze maachen a mellt sech elo och fir Automechanikerin, Boxerin, Metzlerin a Kamerafra.

D'Lena deet seng Schweessmask aus a geet un den Telefon. Am Hannergrond an op engem Desch leien 22 Classeuren, an deenen all d'Ofsoen vu Firmen aklasseiert sinn.

Lena *(hiewt op)*: Hei ass d'Lena Zanchetti, ech huelen den Job!
Hanna: Ech hu lo direkt un d'Rachel geduecht.
Catherine: D'LIXO-Rachel?

*D'Bild wiesselt a mir gesinn d'Rachel (mam Pinn "278") a sengem Büro an der LIXO-Firma schaffen mat sengen Anti-Stress-Kugelen an der Hand. Um Desch leien grouss Bléck Blieder.
Hannert him ass eng Kamera installeéert. Wann den Telephon schellt, geet hat drop, verstoppt den Telephon virun der Kamera a pëspert.*

Hanna: Genau. Ech kennen hatt duerch de Joé. Hatt schafft bei LIXO am Marketing, an wor eng vum Joé sengen Patienten. Lo wou de Joé fort ass, ass et just nach eng Fro vun der Zäit bis dass et komplett u Stress zesummenbrecht. Dowéinst gëtt hatt lo permanent iwwerwaacht.
Andy: Mir mussen hatt do raushuelen!

Den Telefon schellt an d'Rachel léisst d'Anti-Stressbäll falen fir opzehiewen.

Rachel *(mat ziddreger Stëmm)*: LIXO, Marketing-Département Anti-Stress-Kugelen, hallo? ...Hanna? *(D'Rachel hellt ee classeur an verstoppt sech do hannendrun fir ze telefonéieren)* Wisou riffs du hei un? Bass du ee vun hinnen?

Catherine: D'Carole!
Andy: Buäh.

D'Bild wiesselt a mir gesinn d'Carole. Hat sëtzt hannert ville Computer, fëmmt wéi verréckt (direkt 3 ugefaangen Zigaretten leien a verschiddenen Äschebecheren). Et ass fanatesch op den Bildschiirm fokusséiert, op deem hien Aktiecouren oofliest. Tëschenduerch zitt en sech och nach eng Linn Koks. Hien huet zwee Telefonen, een op deem „Geschäftlech“ dropsteet, an ee mat „Privat“.

Catherine: D'Carole war eise Mathé-Crack an der Schoul. Hatt huet de Sprong op d'London School of Economics gepackt a gouf direkt duerno vun enger grousser Bank iwwerholl. Säin Ziel ass et matt 28 Joer Millionärin ze sinn...
Andy: Wat och ëmmer dann nach vun em iwwereg ass...
Hanna: *(ironesch)* Dat heiten interesséiert hatt bestëmmt!

D'Carole geheit den Handy géint d'Mauer a schafft weider, e Stéiersignal kënnt direkt an d'Leitung.

Catherine: Hm jo, du hues Recht!

Andy: D‘Luca kéinte mer och nach froen.
Catherine: D‘Lucia?
Andy: D‘Lucia ass eng talentéiert, fräischaffend Kenschtlerin, dat fréier...
Catherine: Dir mengt d‘LUCIA?
Andy: Majo kloer!
Catherine: Aha.

D'Bild wiesselt, d‘Lucia ass ze gesinn, hien schafft grad un engem neie Buch an iwwerall si Blieder

verdeelt. Bei him läit ee Stapel Bicher, déi en ëmmer noeneen opschléit, an dat éischt Wuert op ee Blat Pobeier schreift. Duerno versicht hien dat Ganzt zu engem Saatz zesummenzesetzen. Säin Telefon schellt, an hie freet sech mega vill, prouwt kuerz wéi e sech lo gläich um Telefon melle soll.

Lucia: „Hallo, hier ist Luc S., Poetin, Bühnenkünstlerin, Mensch eben, blabla". So sehr Sie mich auch anrufen wollen, Sie werden mich immer mehr anrufen wollen.
Hanna: Mengs de dat sollte mer net léiwer si loossen?
Catherine: U sech schon, d'Lucia gëtt eenz.
Hanna: Moké.

Si hänken grad an deem Moment an wou d'Lucia ganz happy den Telefon ophiewt.

Lucia: Brauchen Sie den Geist eines Künstlers, oder die Wörter eines Narren?... Hallo? … Komesch... Waren es meiner Worte Grausamkeit oder die simple Wahrheit meiner Frage...

D'Bild wiesselt an mir gesinn den Kevin. Hie setzt bei sengen Elteren um Dësch, si si grad um Zopp iessen.

Andy: Ween ass dann nach motivéiert?
Hanna: ...De Kevin?
Andy: De Kevin?
Hanna: De Kevin.
Catherine: Oh Gott.
Andy: Allez. De Kevin ass dee motivéiertsten Typ deen ech kennen. Ech wette mat der, wa mer him uruffe, wäert hien dropgoe virun deems ech mäi Saatz...

Dem Kevin säin Telefon schellt, hien geet direkt drun.

Kevin: *(bläert an den Telefon)* Whazzuuuuuuuuuuuuuuup?

D'Andy hält den Telefon wäit vu sengem Ouer wech.

Catherine: *(et héiert een den Kevin nach am Hannergrond jäitzen)* Dann brauche mer awer de Marc fir dat auszegläichen...

D'Bild wiesselt, et gesäit een de Marc an engem Bewerbungsgespréich mat der Tatta fir en Posten bei LIXO. D'Tatta huet schon de Vertrag um Desch leien a schwätzt iwwert all d'Virdeeler déi de Marc bei LIXO géif hun.

Catherine: Dir hudd sëcher vum "Superbrain" héiren. Ee Joer virun der Ofschafung vun de Geeschteswëssenschaften, huet hie sech nach fir Philo ageschriwwen, an de Bachelor an de Master an deem Joer gemeet. Hie fënnt Léisungen do, wou aner Leit scho längst opgin hun. Wann een hien motivéiert kréie géif, an déi richteg Richtung ze schaffen.

De Marc wëll grad de Vertrag ënnerschreiwen, ënnert de gieregen Aen vun der Tatta. Am leschte Moment fänkt dem Marc sain Handy u matt schellen, de Marc sicht en ganz relax a sengen Täschen.

Marc *(hiewt op):* Jo? Oh, Salut Catherine! *(zur Chefin)* Sekonn, *(um Telefon)* Nee nee, du stéiers net. Ziel mer. DU brauchs meng Hëllef? HA! Do sin ech aus Prinzip mat dobäi. Wat ass et iwwerhaapt? Filmproduktioun. Mat wiem?

Catherine: Mam Andy a mam Hanna.

D'Bild wiesselt op d'Andy. Hatt sëtzt an engem riesen Duercheneen a senger Garage un engem Schreiwdesch a bastelt mat Karton, Pabeier an komesche Flëssegkeeten an Pudder ronderëm.

Catherine: D'Andy wollt schon ëmmer d'Welt retten. Fir d'éischt duerch d'Hirstellung vun engem Médikament géint Kriibs, mee hatt konnt sech net iwwerwannen, studéieren ze goen, wäerend aaner Leit an d'Graass béissen. Doweinst huet hatt sech entscheed d'Musek als Mëttel ze benotzen, fir d'Welt sou séier wéi méiglech ze changéieren, an zwar mat senger Band "Russian Roulette".

Ablennung: D'Andy an seng russesch Band. D'Andy bastelt grad un enger Bomm.

Catherine: Musek schengt an der leschter Zait awer och net méi effektiv genuch ze sinn, doweinst verlagert sech d'Band lo eischter op Pyrotechniesch Experimenter. Dobäi sinn ënner anerem e puer Stroummaste dropgaangen. De Gaston Vogel ermëttelt.

An engem vun de Behälter fänkt eng Flëssegkeet un mat spruddelen. D''Andy steet erféiert op a leeft fort. Seng Band kuckt him verwirrt no.

Marc: Oho, mir schaffe mat Berühmtheeten... an d'Hanna?

Catherine: Hatt ass eng gutt Frendin vu mir... No sengem Schoulofschloss als Educatrice wollt hat Germanistik studéiere, konnt awer keen Däitsch. Dunn huet et alt e Kannerbuch op finnesch geschriwwen. Dat huet allerdéngs kee verstan, äusser de Finnen. An d'Buch gouf zu engem Flop, keen huet et kaaft... Also, net grad keen...

D'Hanna ass bei enger Autogrammstonn ze gesinn, op déi kee Mensch kennt. Op eemol kënnt d'Catherine laanscht a keeft ee Buch.

Catherine: Wann mer dat Ganzt ee bessi strukturéiert uginn, gett et een Erfolleg.

- S Z E E N 7 -

Am Produktiounsraum sin di Jonk dobäi, hier Aarbechtsplaatz opzebauen d'Catherine geet durch d'Reien an versicht dat Ganzt e bëssen ze koordinéieren. D'Hanna ass nach net do.

Catherine: Dolly?
Lena: Check.
Catherine: A wat hu mer fir Luuchten?
Lena: Dovu steet näischt op der Lëscht. Zut, dem DeMonni säi Material ass wierklech net dat allerneitst.
Andy: Mir brauchen jo net onbedengt Luuchten. Haaptsaach eisen éischte Projet flasht!
Lena: An dofir bräuche mer gutt Material.
Catherine: *(kuckt nees op seng Leschten)* Kevin, du kéins d'Kameraassistenz iwwerhuelen.
Kevin: Jo, an d'Tounassistenz, an d'Regieassistenz. Ech mengen ech bauen scho mol de Set op a bitzen e puer Kostümer!
Marc: Ma da waard, dat huet kee Wäert, mir hunn nach keen Dréibuch...
Catherine: Rachel, hu mer ee Logo?
Rachel: Waaah! Wee freet???

Catherine: Ech.
Rachel: Ma mir hunn dach nach keen Numm?!
Catherine: Marc, kemmerst du dech drem?

(D'Hanna kennt ran, mam Joé am Rollstull.)

Catherine: Hanna, ech hunn dech mol fir d'Dréibuch opgeschriwwen.
Hanna: Hei ass nach ee Mataarbechter fir eis Projeten, mäi Brudder de Joé! E ka nach net schwätzen, mee e fänkt awer lues a lues rem op seng Aussewelt ze réagéieren. Ech wollt iech awer net ënnerbriechen, pardon...
Kevin: *(hellt den Joé direkt matt)* Mataarbechter kann ech gutt gebrauchen.
Marc: *(erkläert dem Hanna)* D'Materiallescht gëtt grad duerchgekuckt...
Lena: *(kuckt d'Lëscht)* Déi Stativer si fir näischt ze gebrauchen. Ech bastele mer meng Eegen!
Catherine: ...a mir kucken, datt mer d'Positiounen verdeelt kréien. Also Hanna, seet der Dréibuchschreiwen zou?
Marc: Solle mer net vläicht fir d'éischt mol klären, wat eis konkret Zieler sinn? Mir wellen jo, wann ech et richteg verstaanen hunn och eppes matt eise Projeten ereechen.
Hanna: Richteg. Mir sollten Themen opzielen déi mer behandele wellen, iwwert déi Form vun Arbechtswelt schwätzen, déi mir eis hei opbaue wellen an...
Andy: A Géigner defineiéren!
Rachel: Géigner definéieren? Mir wëllen de Leit jo awer net direkt op d'Féiss trëppelen oder?
Catherine: Mir mussen lo mol kläeren...
Marc: Mir géifen net einfach Leit expresseg op d'Féiss treppelen, wat mir maachen, wäert Hand a Fouss hun.
Lena: A wei stells du dir daat fir?

Marc: Ma sou:

Léif Frënn, Komroden a Kollegen
Huelt lo gläich Bic a Blat zur Hand
Schreift op wat mir wellen bewegen
Daat gëtt "Manifest" genannt.

Andy: Eis Ziel soll kee finanziellt sinn,
Hanna: Vum Message si mir besiess.
Rachel: Mir wäerten d'Leit nodenken dinn
Lena: Oh Zut meng Ökostut hunn ech vergiess.

Andy: Mir soen "Nee" zur Hierarchie
Kevin: Entscheeden all am Kollektiv
Catherine: Deen Anarchismus klappt dach nie
Ech soen Iech, dat leeft nach schief.

Marc: Loosst eis Biller benotzen
fir eis Rechter ze schützen,
eisem gréisste Feind ze trotzen,
an eis Arbecht ze stützen.

Andy: An den éischten Doudeskuss
feire mir op d'LIXO-Firma,

Marc: weisen hieren Sadismus
Hanna: duerch eis eegen Doku-Filmer.

Rachel: Ech fannen, daat eng Doku duerchaus passt mee muss et geint LIXO sinn?
Catherine: wee kuckt sech dann hautsdags nach Doku'en un, dee Produit kreie mer nie verkaaf.
Andy: Produit? Du Quetsch, waat ass daat fir ee Vokabulär?
Hanna: Et geet net em e Produit, mä em dat wat mir lo grad beschloss hunn. Oder hues de net nogelauschtert?
Catherine: Ech hu souguer matgesong.
Hanna: Maja. Eng Doku soll et sinn. Kommt, mer fänken un.

- S Z E E N 8 -

D'Kulturministesch steet beim DeMonni hannert dem Büro, während deen skeptesch een Dossier duerchbliedert.

K-M: De Präsident an d'Troika si jiddefalls zefridden matt deem, wat ech hinnen iwwert déi rezent Entwécklungen hei am Haus erzielt hunn a wëlle lo onbedéngt e Schrëtt weidergoen.
DeMonni *(iwwerflitt skeptesch den Dossier)*: Hm.
K-M: Niewt der Wirtschaftlechkeet vum Secteur duerch bëlleg Kreativkräft, steet lo och Propaganda op der Wonschlëscht: Erzéihend, moraliséirend a bildend – De Staat wëll e neit Bild vun der Jugend opbauen.
DeMonni: “Cool, mee och verantwortlech an ambitionéiert. Décontractéiert, mee och brav.” *(liest weider aus dem Dossier vir)* “Politesch inaktiv a vertraut senge Staatscheffen.” Haha!
K-M: Daat ass d'Iddi, d'Emsetzung gehéiert zu dengen Aufgaben. Hues du eng Iddi?
DeMonni: Humor. Jonk Leit laachen gären iwwert domm Witzer. *(hei muss een domme Witz kommen)* Bréngt idiotesch “Running Gags” an déi Jonk wärten sech d'Saach ukucken an d'Chrëschtdagssingle kafen.
K-M: Domm Witzer vu "virbildlechen Jugendlechen".
DeMonni: Eng delikat Saach, jo. Mir sollten vläicht als éischt mol driwwer schwätzen, wat fir mech dobäi rausspréngt.
K-M: Mat engem erfollegräiche Projet géift Dir de Staat ganz fir Iech gewannen.
DeMonni: An waat soll ech ouni Budget ufänken?
K-M: De Staat géif zumindest iwwert den Produktiounszäitraum d'Subventiounen net kierzen. En favoriséiert allerdéngs ausdrécklech Investitiounen vu Firmen hei am Secteur...

DeMonni iwwerleet ee Moment

DeMonni: Ech man iech eng Sitcom. Sou kann ech och meng eegen Stare weider opbauen.
K-M: Eng Sitcom?
DeMonni: Sitcome gin net nëmmen vun Jonken, mee och vun hieren Elteren gekuckt. Wann déi di perfekt Jonk gewise kréien, versichen se hier Kanner sou z'erzéihen.
K-M: Brilliant!
DeMonni: Genee. Ausserdeem gëtt et do emmer d'Chance op eng zweet Staffel... an dann op eng drëtt. An op en Reboot. An op Video-on-Demand. An op eng zweet Chrëschtdagssingle. An op Merchandising. An op...
K-M: Jo, 't ass gutt ech hu verstan. Wéini wëllt dir ufänken?
DeMonni: Direkt. Ech ginn direkt all eis Leit zesummelen a da kënne mer ufänken...
K-M: Perfekt, Här DeMonni. Wann ech just nach eng Kéier erwähne dierft, dass sech och är

Filméquipe u d'Restrictiounen hale muss.
DeMonni: Wéieng Restrictiounen?
K-M: Säit 33 bis 65.

Den DeMonni bliedert all déi Säiten duerch, d'Aan grouss op.

DeMonni: Dat ass jo scho bal e neit Gesetzbuch...
K-M: D'Regierung däerf sech kee Fehltrett erlaben. Dat Ganzt ass politesch äusserst brisant. Setzt är verlässlechst Leit op dëse Projet un.
DeMonni: Ech hu Leit, déi schon Erfahrung matt Sitcomen hunn. Matt deenen fänken ech mol un. Produktiounskäschten kann ech jo och nach drécken, ech hu jo déi Jonk.

- - - - - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 9 -

- - - - - - - - - - - - - - - - Szeen 9, Eischten Deel - - - - - - - - - - - - - - - - - -

Dei Jonk stin al firun engem Computer, an den Joé dreckt all puer Sekonnen op Refresh, fir d'Evolutioun vun den Views vun hierem Doku op Vimeo ze gesin. Sie sin am Moment bei 13.

Kevin: Yes, 13 Views fir eis Dokumentaire! Net schlecht fir zwou Wochen online!
Catherine: Daat ass wahnsinneg schlecht. Dat ass jo nach manner, wei de Studentegrupp matt de Negerfilmer.
Hanna: Mir mussen just Gedold hun.
Andy: Wisou kuckt kee Mensch dat? Alles Faschisten.
Catherine: Dat hutt der dovun, wann dir Müslien onbedéngt déi sozial Netzwierker wëllt boykottéieren.
Kevin: Dréck op Refresh!

De Joé bräuch eng gefillten hallef Stonn fir op Refresh ze drécken.

Kevin: 13! Yes!
Lena: Daat hate mer schon virdrunn.
Rachel: Vläit sollte mer wierklech fir dee nächste Projet méi konventionell Weeër aschloen. Sou wéi mir de Matarbechter vun LIXO matt der Kamera nogelaaf sinn, wor et och keen wonner, dat mer keen Interview kruten.
Marc: Den Interview mam Joé ass jiddverfalls ze statesch, muss een ganz selbstkritesch zouginn.
Joé: Mhmhmhmhm.
Kevin: 13!
Lena: Den Titel versteet jo scho mol keng Sau.
Andy: Mir missten eischter nach méi onkonventionell gekuckt ginn, e Video, an deem mer d'Bréifboite vun LIXO sprengen geife bestemmt dausendmol gekuckt ginn

Kevin: Dréck op Refresh!
Catherine: Opklärungsaarbecht nëtzt guer näicht, wa kee Mensch sech de Film ukuckt.
Hanna: Super Catherine, genau dee Motivatiounsschub, dee mer all gebraucht hunn...
Lena: Wat hu mer dann am Moment fir Méiglechkeeten?
Hanna: Méi Reklamm maachen. Da géif de Buttek lafen!
Marc: Mir keinten nach en Trailer schneiden, oder Stickere bestellen...
Kevin: Dreck op Refresh!

De Joé gëtt e Laut vun absoluter Flemm vu sech.

- Szeen 9, Zweeten Deel -

D'Dier vum Büro vun deene Jonken geet op. Den Reinhold an de Buffi an niewt hinnen nach ee puer aner Leit kommen erangestiermt. D'Rachel erféiert mega.

Reinhold: Sou, Spillschoul ass riwwer, alles raus, mir brauchen dee Raum hei fir e Casting
Andy: Wéi, dir braucht dee Raum hei?
Hanna: Wee sidd dir?
Catherine *(Voice over, wäerend Leit vum DeMonni rakommen, an den Reinhold sech an der Mett vum Raum platzéiert):* Dat ass de Reinhold, dem DeMonni säin Szenarist. Schon laang dobai, ënnert anerem bekannt fir säi Film "Den Dag, un deem meng Elteren ze fréi Heem komm sinn." an d'Fortsetzung "Deen Den Dag un deem meng Grousselteren ze spéit heem komm sinn". Elo schafft e grad um drëtten Deel: "Den Dag un deem..."
Reinhold: Schluss matt deem Voice-Over. An enger Woch fänken d'Dréiaarbeschten un an déi weiblech Haaptroll ass nach net besat! RAUS!
Lena: Dat geet net, mir kruten dee Raum hei versprach.
Reinhold: Hutt der dat schréftlech? *(Paus, Reinhold grinst wessend)*
LIDD
Reinhold: Husch raus, gidd, spillt matt Playmobil
Vun Arbecht verstitt dir dach net vill.
Wat dir hei maacht ass infantil
Dir hutt kee Plang an och keen Ziel. *(hien rappt d'Pläng vum Whiteboard)*
Film, meng Kanner, daat ass kee Spill
Kommt paackt äer Saachen vun de Still
Loosst mech hei run, well ech hunn Stil
... Emmerhin wor ech op der Filmschoul!

Lena: Hey, mir brauchen déi Kamera! *(Reinhold hëllt em se of)*
Reinhold: Tjo mir brauchen se awer méi dréngend.
Hanna: Ehm...wéi laang musse mer dann raus?
Reinhold: Sou laang wéi mer ebe brauchen.
Andy: Solle mer sou laang um Gank stoen oder wat?
Reinhold: Den DeMonni zielt op mech, dass ech dat hei séier an professionell emsetzen. Ëmmerhin sinn ech säi beschte Mann!
Lena: Ech hätt déi haut nach gäer zréck!

(Hien dréckt déi Jonk aus der Dir raus.)
Dei Jonk sti schon um Gank an kréien d'Dier klaackt se lo zou. Se sti verdattert um Gank.

Hanna: Dat do geet dach net!
Andy: Féck de Gast! Ech gi lo nees ran an soen deene mol d'Meenung!
Marc: Maach mol lues, Andy. Vläicht wier et besser wann d'Catherine dat mecht. A schwätz am beschten direkt mat dengem Monni.
Catherine: Jo ech fannen dat zwar grad och e bëssen egal wat. Ech bezweiflen allerdéngs, dass mer haut nach an de Büro zréckdierfen.
Andy: Jo mee so em, dass en sech sou Aktiounen an Zukunft spuere kann! Hien ass net deen

Eenzegen, deen hei schafft!
Catherine: Mhm genau dat wäert ech em soen... Mee jo, ech gi mol bei en.
Hanna: Merci Catherine.
Rachel: Ma mol d'Dir op, et kann net schueden de Profien e bëssi nozekucken a vun deenen ze léieren. *Et dréckt d'Dier lues op a späht eran*

Reinhold: *(laacht)* A kuck der mol déi Fra un! Firwat muss déi iwwerhaapt nach op Castinge goen, déi kritt der 100pro all Roll hannendru geheit.
Buffi: Net méi säit et bestuert ass.
Reinhold: Daat huet hei nach nie een dovunner oofgehaalen...
Buffi: A wat ass mat deem Greitchen hei? So mer w.e.g. dass et Single ass.
Reinhold: Hm dat wees ech éierlech gesot net. Mir kënnen et jo bei engem klenge Kenneléiergespréicht froen.
Buffi: Ech freen mech schon op "d'Prouwen".
Reinhold: Soll ech em soen, et soll muer laanschtkommen?
Buffi: Mir brauchen Schampes, an net méi sou ee bellegen wei bei der leschter Produktioun.
Reinhold: Ech ruffen dem DeMonni un.

- - - - - - - - - - - - - - - - - - SZEEN 10 -

D'Catherine sëtzt firum DeMonni am Büro, während hien dem Reinhold um Telefon äntwert.

DeMonni: *(an den Telephon)* Et gett kee Schampes! An ech hätt gäer dass di Roll bis den Owend besat ass, dir zwee inkompetent grenzdebil asozial integralbehënnert analphabetesch Legastheniker.

Den DeMonni hänkt an.

DeMonni: Tjo, de de Reinhold an de Buffi...wéi soll een eppes erreechen, wann ee mat sou Leit schafft... An du: wéi geet et dir? Sidd der schéi produktiv?
Catherine: Jo, eis geet et gutt, just lo grad do...
DeMonni: Ech wëll dass de weess, dass ech un dech gleewen, mäi Kand. Du erënners mech vill drun, wéi ech an dengem Alter war: clever, fläisseg a loyal.
Catherine: Dat stëmmt, Monni. Mee ech sinn eigentlech hei, well mir grad aus eisem Büro geflu sin an ouni Kamera net weiderschaffe kënnen...
DeMonni: Ah jo, dat... deet mer wierklech Leed, ech hat leider keng aner Wiel. Wanns du wéisst, wéivill ech am Moment em d'Ouren hun! An alles wéinst däer Regierung. D'gëtt Zäit datt rëm Neiwahle sinn. Mä jo, vun deene loossen ech mer net mäi neie grousse Projet futti maachen. Dat gëtt ee Succeess, wei mir nach keen haten, ech brauch jidderfalls dofir all Kapazitéit, déi disponibel ass. Och dech.

Hien mëcht eng Paus, en schéngt midd ze sinn. Hien reift sech mat der Hand duerch d'Gesiicht an kuckt dann d'Catherine riischt an d'Aan.

DeMonni: Ech wëll, dass Leit, déi et verdéngen an dësem Metier ze schaffen, eng Chance kréien, eppes aus sech ze maachen an sech duerchzesetzen.*(Tounwiessel)* Dir kritt de Büro direkt zeréck. An zwee Joer wa mer fäerdeg sinn.
Catherine: Zwee Joer? Wat ass dat dann fir ee neie Projet?
DeMonni: Dat wäert Iech net interesséieren... Ech weess och net, op dir schon prett fir soueppes sitt.

Catherine: *(gëtt bëssi rosen)* Meng Frënn sinn alleguerten 100 mol méi kapabel wei déi zwou Päifen déi eis grad rausgeheit hun.

Den DeMonni kuckt op den Telefon, an dun zreck op d'Catherine.

DeMonni: Stemmt, am Fong sidd dir prett fir soueppes. Du, Catherine, hues mech grad iwwerzeegt. Souengem wei dir géif ech ouni ze zécken d'Verantwortung iwwerdroen.
Catherine: Mir huelen de Projet!
DeMonni: Et ass eng Sitcom, zimmlech schwiereg. Do muss een u vill denken, dat kann net jiddereen maachen...
Catherine: Monni, mir huelen de Projet. Dat ass dach genee dat, wourops du raus wells.
DeMonni: *(grinst)* Klevert Meedchen. Ech gesinn, dir entgeet näicht. Natierlech hutt dir voll kënschtleresch Fräiheet, dat ass mir ëmmer immens wichteg. *(hëllt Verträg raus)* Hei, huel déi mol mat bei deng Kollegen, a bréng mer se séier ënnerschriwwen zeréck, dann sidd der u Bord!
Catherine: Merci, Monni.
DeMonni: *(Gett dem Henri d'Kontrakter)* Enttäusch mech net!
Catherine: Moment, Monni DeMonni... Dat hei ass eng Rechnung fir Eemeren an der Zeen 18.
DeMonni: Gaaahh! Hei... Voilà, dat ass dat richtegt.

D'Catherine huet d'Kontrakter mattgeholl an verschwënnt.

DeMonni: *(Reklamm-meisseg an d'Kamera)* Jonk Leit ze beschäftegen, wor dee beschten Tipp, deen ech je krut... an och dee bëllegsten... Lo muss ech eis just nach Suen besuergen, wou well ech de Budget hierhuelen? Wee kéint ech do nëmme froen? Mat weem schwätzen ech grad? *(hëllt den Telefon raus fir der Tatta unzeruffen).*

---------- SZEEN 11 ----------

Nodenklech kënnt d'Catherine zréck bei déi Jonk.

Hanna: Wat sot en?

D'Catherine kuckt an d'Ronn op déi fuerwelzeg Gesiichter vu senge Mataarbechter.

Catherine: Den Messerfolleg vun eisem Documentaire huet sech remgeschwat.
Rachel: Oh Gott, nee!
Catherine: Den DeMonni hätt eis am léifsten rausgeheit.
Hanna: Ech verstinn dat net, sou schlecht wor et wierklech net.
Catherine: Den DeMonni huet d'Doku langweileg a sennlos fonnt. Och technesch miserabel.
Lena: Dat ass awer lo wierklech net eis Schold...
Marc *(mësstrauesch)*: Huet hien dat wierklech gesot?...

D'Catherine kuckt en un an weist theatralesch op d'Dier niewt him.

Catherine: Dir kënnt e jo selwer froen.

Déi Jonk kucken ee Moment op d'Dir, da streckt den Andy d'Hand no der Dir aus.

Catherine: Moment, loosst mech fäerdeg schwätzen! Ech hunn et mengen ech gepackt hien z'iwwerrieden, daat mer awer nach eng Chance verdingt hunn.
Hanna: An zwar?
Catherine: Schluss mat deem Gedokus. Et gëtt e ganz neie Projet.
Andy: Wat leeft? Schallt mol e Gank zréck!
Marc: Jo wisou kënne mir net weider Dokuen produzeieren an eis do Stéck fir Stéck verbesseren?
Rachel: … Wat ass dat dann fir ee neie Projet?
Catherine: Eng Sitcom.
Andy *(steet op)*: Aaaaaaaaan Eddi.
Lena: Andy... iwwerdreiw net.
Andy: Iwwerdreiw net?? Ass dat eppes wat MIR maache wëllen? Zielt dat lo guer net méi? Zack bumm kréie mir eppes Neits virun d'Nues gestallt, grad dee Moment wou d'Doku un d'Lafe komm ass! An och nach eng Sitcom, so geet et nach méi domm?
Lena: Richteg um Lafen war se lo och rem net...
Catherine: Déi Doku hunn am Ganzen 13 Leit gesinn.
Kevin: Ehm... Mëttlerweil 14!
Catherine: Fir dee Projet huet sech also keng Säu interesséiert. An eppes wat keen geseit, existéiert de facto net. Hei hu mer lo eng Chance op ee gréissere Projet, ee längere Projet, hannert deem praktesch dee ganze Kultursecteur steet.
Andy: A wahrscheinlech gëtt dat ganzt vu LIXO gesponsort?
Catherine: Wat ech soe wëll ass: Dat hei ass d'Chance vun eisem Liewen. Mir wire Vollidiote wa mer déi Offer géifen ofsoen. Ech hu meng Décisioun getraff. Entweder dir maacht mat, oder ech si räus.
Andy: Woumadder ech kee Probleem hätt.
Rachel: Andy, du erziels dach hei ëmmer dovunner, datt mer als Grupp zesummenhaale missten. Mir hunn et mat der Doku als alleréischt probéiert, a wie seet, datt mer sou eppes net nach eng Kéier äusprobéieren. Am Moment huet d'Catherine awer recht. Déi Sitcom ass dee beschte Projet un deem mer am Moment matwierke kënnen. Et ass dach gutt, daat mer dei Chance kréien, ech hätt nie geduecht, daat mer fir soueppes iwwerhaapt a Fro komme geifen.
Catherine: Ennerschätz dech net, Rachel. Mir sin ouni Zweifel déi villverspriechenst Talenter hei an deenen leschten 10 Joer, dat kann ech der soen.
Lena: Wéi wier et mat méi Detailer iwwert de Projet? Iwwert wat kéinte mir do entscheeden?
Catherine: D'Schreiwe vum Dréibuch läit ganz an eiser Hand. Genau wéi d'Ästhetik.
Lena: Cool.
Andy: Lena, du wäers dach net dorop rafalen?
Lena *(genervt)*: Firwat soll et mech net interesséieren. Hues du scho mol dru geduecht, dass ech vläicht och weise wéilt, wat ech kann?
Marc: Mee et zweifelt jo keen dorun...
Lena: Chromia, TV-King, Athenos, Oxydenz – fir nëmmen puer e Produktiounen ze nennen, déi meng Demanden ofgeleent hun. Ech kann dir och meng Dossier'en weisen.
Catherine: Mir mussen dem DeMonni LO bescheed soen.
Hanna: Nee. Net elo direkt. Fir d'éischt muss doriwwer geschwat ginn. Mir kënnen net einfach blann zousoen. Dofir hunn ech hei net ugefaang. Mir hunn et opgeschriwwen, an eisem Manifest. Jidderengem seng Meenung gëtt respektéiert.
Catherine: ...Asou? Da so mer mol: Hues du wierklech jiddvereen hei no senger Meenung gefrot, wou's du eis an desen Doku-Desaster ragestéiert hues?

Jiddereen kuckt lo op D'Hanna. Hat weess guer net méi wat hat soe soll, just de Joseph murmelt rosen hannert senge Bandagen an zuckt op sengem Rollstull rondrem, gett awer vun den aneren ignoréiert.

Kevin: Komm mir maachen lo einfach d'Sitcom. Ech gi ran an bauen de Set op.

D'Andy an de Marc kucken op de Buedem a soe näischt. De Joseph zuckt och net méi.

Catherine: Majo tiptop. Da loosst eis mol ufänken. Et gëtt nach vill z'organiséieren.

Jidderee geet an de Produktiounsraum. D'Lena an d'Rachel schwätze begeeschtert vun dem wat se erwaarde wäert, de Kevin dreckt de Joé mat aus dem Raum, an de Marc an d'Andy gin hinne no. Wou d'Catherine rausgoe wëll, hällt d'Hanna hat zreck.

Hanna: Ass et dat wats de wolls? Dech grouss virun deenen aneren opzespillen?
Catherine: Ech hu just meng Meenung gesot.
Hanna: Ajo a mech och nach ganz niewebäi viru jidderengem blousgestallt.
Catherine: Ech wëll verhënneren, dass mer eis Zäit mat engem Projet verschwenden, dee souwisou näicht bréngt.
Hanna: E bëssen eppes verännert hätt d'Doku ganz sëcher.
Catherine: Et kuckt keen déi blöd Doku. An wann, dann hätt se d'Leit dach just rose gemaach a kengem weidergehollef – weder dem Joé, nach dir, nach soss engem.
Hanna: An d'Sitcom hëlleft eis?
Catherine: Jo! Zumindest wäerte mer do ee Public fannen.
Hanna: Kënnt et lo just nach dorops un? Wéivill Leit et kucken?
Catherine: Ech weess, datt bei dir d'Prioritéite wouanescht leien. Soss häss du däi Kannerbuch deemols jo och net op Finnesch geschriwwen.
Hanna: Du manipulativ, intrigant Schlaang! Mir man lo déi Sitcom. Du wäers nach fréi genuch mierken, dass du dir domatt kee Gefalen mëss...

- S Z E E N 12 -

D'Tatta an den DeMonni sëtzen sech a sengem Büro géigeniwwer. Den Wirt sëtzt um 3te Canapé an zervéiert jidderengem Wäin an d'Glieser, mee d'Tatta peekt hiert Glaass mol net un. Si ass zevill domatt beschäftegt, hier Anti-Stress-Kugeln an der Hand hin an hier dréihnen ze loossen.

Tatta: Ech waarden op eng Erklärung.
DeMonni: Reeg dech dach net direkt sou op.
Tatta: Däi Spunte-Filmteam klaut meng Employéen! Net just de Superbrain, de kleverste Kapp aus der Groussregioun, mee och Leit aus mengem Psychologie a Marketing-Département... Zesummen produzéiert déi Band dann an dengem Studio ee Propagandafilm geint meng Firma.
DeMonni: Si hunn ee Film gedréint? Bon. Sou schlemm kann awer net gewiescht sinn. Konscht versteet een nët ëmmer op den eischte Bléck.
Tatta: Ech hu mer dee Schäiss 14 mol ugekuckt!
DeMonni: Konscht versteet een net ëmmer op de véierzengte Bléck. Ech kann dat awer rëm guttmaachen: Ech hunn eng perfekt Offer fir dech.
Tatta: HA! Déi berühmt Iddien vum DeMonni. Wat fir eng schmiereg, süßholz-raspelnd Manipulatioun erwaard eis dëss Kéier?
DeMonni: D'Regierung huet groussen Intérêt un menger neier Sitcom gewisen. Projet “Alpha-Jugend” nennen se se.
Tatta: Ha!
DeMonni: A wanns du d'Sitcom op denger Telé-Chaîne lafe léisst, kriss du e gudden Deel vum

Profit.
Tatta: Well är Sitcom déi eenzeg Emissioun ass, mat där ech Profit maache kann, ajo, mhm, also do muss de zwar mat besseren Argumenter kommen.
DeMonni: Du wiers och d'Co-Produzentin.
Tatta: Et ass jo mäi Sender, natierlech sin ech dat!
DeMonni: Soubal mir fir deng Chaîne dréie géifen, hun déi Jonk all ee Kontrakt, deen se iwwer Emweeer als Employéen vun LIXO définéiert. Déi Jonk wären also theoretesch rem deng Employéen.
Tatta: Mhm...
DeMonni: An denk drun, dass all deng Produiten ouni Probleem an der Sitcom optauche kënnen...
Tatta: Hm...
DeMonni: Ech hunn héieren, deng Stressbäll kéinten ee klengen Marketing-Push gutt verdroen...
Tatta: Pff...
DeMonni: Sief mol éierlech, am Konschtsecteur géif dir gefalen. Du kéins dech endlech vun dengem verhaassten "Neiräichen"-Image befreien. Ausserdeem bass du dann ëmmer den Star op eisen Virféierungsowender, an mëss der e Numm an der Kontschtszeen.

(Tatta grübelt)

DeMonni: Als klenge Bonus, kriss du och nach deen hei...
(Weist der Tatta eng Photo vun enger Grumpy Cat)
DeMonni: Eeeeehhhhh deen hei!
(Autogrammkaart vum Jerry)
Tatta: Ech hu kee Vertrauen an deng Jonker, vun deenen geet kriminell Energie aus, an se hu kee Respekt, an...
DeMonni: Da waard, da waard, mir hunn natierlech een deen op si oppasst...
Tatta: Ech hu geduecht, si wieren autonom.
DeMonni: Hahaha, ehm, natierlech net ... Den Emil hei ass de Gardien vum Filmteam.
Emil: *(sëfft äus enger eideler Wäifläsch)* Mir entgeet näischt!... Wou ass de ganze Wäin lo hin...
Tatta: Waaaahhh, wou kennt deen dann op ee mol hier?
DeMonni: Dat ass de Wiert den Emil, aus Szeen 3.
Tatta: An wei kenns du heihinner?
Wiert: Ech sinn duerch ee Plothole gefall.
DeMonni: Ma dann huele mer däi Café lo einfach als Set fir d'Sitcom.
Emil: Wonnerbar!
DeMonni: Ennerschréiw hei!
Emil: Moment, dat ass e Vertrag fir den Holzsteg an Zeen 18.
DeMonni: Gaaah! Hei ass dee richtegen. *(Zur Tatta)* Also, wat sees du?

Tatta: Du kriss d'Suen...
DeMonni: Ah, ech wosst jo dass du rational entscheede géifs.

- S Z E E N 13 -

Et ass Chaos am Produktiounsraum: d'Material fir d'Sitcom ass prett, mee déi Jonk streide mam Reinhold. D'Lena versicht him, d'Kamera aus der Hand ze huelen. Den KEvin ass den eenzegen den schafft, an dems hien Aller-Retoure mecht fir d'Material rauszedron.

Reinhold: Lo rappt iech zesummen dier verwinntent Pak!

Hanna: Ween huet Iech eigentlech de Kommando ginn? Mir si basis-demokratesch organiseiert.
Reinhold: Den DeMonni huet iech heihinner geschéckt, fir Kabelen ze schleefen a Kaffi ze man. Dier braucht net ze mengen, dier kéint lo hei man wat dier wëllt.
Hanna: Mat jäitzen huet nach nie een eppes gewonnen.
Reinhold: Hei, géi maach mer e Sandwitch, Pëppi. Mit Salami w.e.g.!
Marc: Hey, geet et nach.
Andy: Soueppes vu kee Bock méi...
Lena: Haalt w.e.g. op.
Reinhold: Deen Amateurisme mëcht mech krank!
Catherine: Du däerfs och gäere goen, mir gin eenz.
Buffi: Hey Sophia, wéi wier et mat eis zwee?
Sophia: Hal op ze nerven, Buffi!
Reinhold: *(zwénkert dem Buffi zou)* Du wees jo, Buffi: wa Frae "nee" soen, mengen se eigentlech "jo".
Buffi *(ass beim Rachel*): Wéi wier et mat eis?

D'Rachel erféiert an schléit him mat enger Pan an d'Schnëss.

Reinhold: Haha, ganz amüsant, dat ass wieklech e gudde Running-Gag.

DeMonni kënnt ran. Hien kuckt sech em, kuckt den Reinhold vierworfsvoll un a rëselt de Kapp

Reinhold: Ech hätt scho laang ugefangen, mee di Jonk hunn guer keen Verständnis fier Hierarchie, se folleschen net, se hunn keen Resp...
DeMonni *(zu deenen Jonken)* Ech wëll äere kreative Flow hei net laang stéiren, mee mer mussen e puer Saache beschwätzen! E puer vu menge Schauspiller hutt der jo schon kennegeléiert. De grousse Star kënnt muer op den Dréi. Dir kënnt dann lo mol direkt ufänken. Ech hunn Iech d'Dréibuch mattbruecht.
Rachel: *(krut Dréibuch):* "The Revenge of the Water Zombies"?
DeMonni *(rappt et him aus der Hand)*: Dat ass privat. *(gett him eng aaner versioun)* Hei ass déi richteg Versioun.
Hanna: Jo mee dat ass just eng Propose oder?

Di Jonk kucken entgeeschter dran.

DeMonni: Wéi? Sot iech d'Catherine dat net? Dir hutt ganz streng Consignen un déi der iech hale musst. Mir wëlle jo, dass dee Projet een Erfolleg gëtt.
Catherine: Mee Monni...
DeMonni: Ech hu mer also d'Aarbescht gemaach, dat Ganzt den Exigencen vum Marché unzepassen.
Hanna: Et deet mer Leed Här DeMonni mee Dir sot, wat geschriwwe gëtt, Dir bestëmmt wee matspillt, dann hu mer jo iwwerhaapt keng Fräiheete méi!
DeMonni: Majo dach meng Modi, wat d'Running Gags ugeet, kënnt der äerer Kreativitéit natierlech fräie Laf loossen, soulang eben d'Pan dran ass... Wend iech matt alle Froen un d'Catherine. Hatt ass lo hei verantwortlech.
Marc: Dat ass zwar lo wieklech net dat, wat mer eis ënnert dësem Projet viergestallt haten...
DeMonni: Dat ass awer dat, wat der duerch äer Ënnerschreften akzeptéiert hutt. Idiot.

Déi Jonk sinn zimmlech opgereegt. Den DeMonni probéiert se ze berouegen.

DeMonni: Kanner, mech mecht et och net glécklech, Mir sin d'Hänn leider gebonnen. Méi ass net fir iech dran.
Reinhold: Gutt geschwat, Chef. Vläicht hudd der jo Interessi...
DeMonni: Fir d'Saach nees gutt ze maachen, hunn ech iech nach ee kompetente Mataarbechter mattbruecht, deem dir alles erziele kënnt wat iech bedréckt.

Den DeMonni stellt den Emil firun déi Jonk an verléisst de Raum, de Reinhold leeft him hannendrun.

Buffi: *(zum Hanna, mierkt dass hat ultra rosen ass)* Wéi wier et matt ... iessen?
Marc: Wow, Catherine, wierklech lo? Du hues eis einfach egal wat gezielt? Et geet nëmmen em dech hei ne?
Catherine: Ma nee, ech ...
Andy: Du Dreckskou has dat dach vun Ufank u wëlles! Du këmmers dech en Dreck drem wat mat eis geschitt. *(äfft d'Catherine no)*: Wéini hues du fir d'lescht ee vun eis no senger Meenung gefrot? *Du* bass dach dat, wat di ganzen Zäit just u sech selwer denkt! Un däin Erfolleg, un deng Carrière, un däi grousst Geld.
Buffi *(rifft vun hannen):* Mir si prett Chef.
Catherine: Loosst mech dach erkläeren...
Hanna: Catherine, daat bescht ass du gees lo einfach
Catherine: Mee...
Hanna: Mir man deng Sitcom
(Catherine geet)

Andy: Wat leeft Hanna, dat kënne mer him dach net duerchgoe loossen. Mir prostituéieren eis all hei.
Marc: De Projet kënne mer op kee Fall akzeptéieren. Dat heiten ennerscheed sech mettlerweil schon guer net méi vun der LIXO.
Rachel: Awer mir hunn de Kontrakt schon ënnerschriwwen, wat solle mer da maachen...
Hanna: Natirlech loosse mer him dat net duerchgoen. Mir wäerten een Wee fannen, d'Sitcom fir eis Zwecker ze manipuléieren.
Lena: Dat fällt op.
Marc: Nee, d'Hanna huet Recht. Mer mussen eis just klever uleeën. Ech hunn eng Iddi.
Hanna: Jo?
Marc: Mir veränneren net d'Folgen, mee mir produzéieren paralell, vläicht nuets, eng alternativ Folleg vun der Sitcom. Wann mer et packen, dat geheim ze halen, bis zu deem Moment wou d'Sitcom äusgestrahlt gëtt, dann ereeche mer matt eisem Message immens vill Leit. An des Kéier kuckt och jiddereen eis Aarbecht.
Kevin: Goil. Ech riichten direkt de Set an.
(De Kevin leeft drop lass,fällt iwwert e Stull op de Buedem)
Kevin: 'T ass näischt, ech si kee Problematiker.

- SZEEN 14 -

<u>Deel: 14 a</u>

Am TV-Studio:
Moderator: An dat war se! Déi nei Sitcom hei op dëser Sender. Gutt geschafft Jongen! Ech mengen soueppes hate mer hei am Land nach nie. Wat mengs du, Jempi?
Kritiker: Jo effektiv, dat doten ass eng staark Leeschtung, do soen ech: all Respekt. Et ass witzeg, ënnerhalend, spannend, an ech muss all Kéiers laachen wann déi Pan an d'Spill kënnt. Wierklech

gelongen. De qualitatitven Héichpunkt ass natierlech de wichtege Message un eis Jugend. Et ass jo net fir näicht, dass et der hei souvill mat der Pan gin.
Moderator: Ech mierken, du bass zefridden.
Kritiker: Ech mengen jiddereen kann zefridde sinn...

Deel: 14 b

Um Public-Viewing – Jubel a Party – matten ënnert de Leit déi jubelen steet d'Catherine a freet sech iwwert den Erfolleg.

Gaascht 1: Deem kann ee wierklech just zoustemmen, wonnerbar. Gratulatiounen Här DeMonni.
Gaascht 2: Här DeMonni, do kann ech mech just uschléissen. Herrlech, herrlech, di popkulturell Referenzen, dat feelt mer a villen Serien.
DeMonni: Emil, Champes op d'Haus! Henri, géi eis mol de Champes sichen. Ech wosst jo dass et gudd ukomme géif. An dir, meng léif Jugend *(zu senge Stars-Schauspiller)* hutt dat exzellent gemeet. Këmmert iech mol ee bëssen ëm d'Gäscht. Do sinn och nach e puer Leit, deenen ech Iech häerno virstelle wëll...
Gaascht 3: Uh, Jerry, du gesäis gudd aus!
DeMonni: Jerry, da stell dech dach mol heihinner a sief athletesch.
Jerry: Wéi wier et matt eis zwee?
Gaascht 1: Also d'Schaupiller woren jo wierklech super! An dat gouf alles hei bannen gedréit?
Gaascht 3: Pff, kuckt mol déi jonk Leit dohannen, déi gesin aus, wéi wann se sech mol ee Beispill un der Geschicht vun der Sitcom huele missten...
DeMonni: Dat, eh jo, dat sinn u sech déi Leit, déi des Sitcom gefilmt hunn asw., déi kleng Aarbechten um Set, dir wësst schon. Jo, mir hunn eis geduecht, mir gi mat guddem Beispill viraus a bauen hei och schwiereg Jonker an. *(Catherine kennt mat Champesglieser un)* Mee hei, eist Catherine mëcht dat awer zum Beispill ganz gutt an huet bestëmmt nach eng erfollegräich Carrière viru sech.
Catherine: Ech si mol gespaant op d'Kritiquen vun der Press.
DeMonni: Déi sinn all positiv
Cartherine: Déi kommen dach réicht muer raus?!
DeMonni: Jo, mee se goufen scho gëschter geschriwwen.
Catherine: Mee mir hunn d'Folleg dach réicht kuerz virun der Ausstrahlung rausginn..
DeMonni: *(dréckt em en An zou*) Dann ass et wuel Magie Déi gehéiert zum Showbusiness!
Gaascht 2: Ihh, an do ass jo och dee lidderegen Buffi! Zut, lo kënnt deen hei hinner... Sich der eng Aarbecht, du domme Jong.
Catherine: Madame, dat war just eng Roll.
Buffi: Ech si Schauspiller!
DeMonni: Hei, eh, Buffi, géi mol bis raus virun d'Dir a kuck op ech net do sinn.
Gaascht 3: 'T ka jo net all Mënsch sou fit si wéi de Jerry.
Buffi: Jerry, vergiess deng Portioun Steroiden fir den Owend net.
(de Jerry hëllt eng Pan raus a knuppt se dem Buffi op de Kapp, ënnert Jubel vun den Leit ronderëm)
Reinhold: *(huet der Szene tëscht Jerry a Buffi nogekuckt)* Brilliant Iddi fir di nächst Folleg: de Buffi wëll net trainéieren, gëtt fett an ass dowéinst eng Laascht fir d' Gesondheetswiesen. Den Dokter kënnt mat enger Pan …
(fänkt un ze noteieren)

Deel: 14 c

Op der Säit vum Raum, wou déi Jonk op Canapéen freckt ronderëm trëllen:

Marc: Gesäit d'Catherine eis?
Hanna: Ass mir dach egal... Mir kënnen net méi waarden!
Rachel: Mengste den DeMonni ass zefridden? E gesäit frou aus oder?
Marc: Et gëtt lo definitiv Zäit unzefänken...
Hanna: Dajee! Eier den DeMonni kënnt!
Andy*:* Go go go!! *(Hien an d'Hanna an verschwannen onopfälleng duech d'Mass)*
Marc: Merde, ze spéit...
DeMonni: Sophia, hei bass du!

D'Sophia setzt och mat um Canapée, kifft, an huet keng Loscht mat iergendengem ze schwätzen.

DeMonni: Sophia, do waarden Leit, ech wëll dass de...
Sophia: Nerv net!
DeMonni: Ah, an hei ass jo eise gudde Koleeg de Jempi.
Filmkritiker: *(Léisst sech op d'Couch faalen*): Gudden Ufank, Kanner, mee ënnert eis geschwat, déi Folleg wor schäiss. Dat hätt ech schon mat 14 besser hikrut. Mee Potential ass do, jo...
Marc: Pff, egal wat
Lena: Mir freeën eis selbstverständlech iwwer konstruktiv Kritik!
Filmkritiker: Do muss einfach méi... Déngens, an dann fluppt dat... Kënnt och mat der Zäit, Erfahrung an sou.
DeMonni: Se ass jo awer gutt ukomm. A wann se sech ee bësse méi dru ginn, dann gëtt dat hei wierklech een groussen Erfolleg. *(Gesäit dat d'Sophia d'Aen rullt)* Sophia, do wors wierklech wonnerbar.
Sophia: Just dass d'et weess: soubal ech meng Gage krut, sinn ech fort, a Mexico nämlech.
DeMonni: Zzz, bon, Jempi, kënns de mat riwwer, ech waarden nach op ee ganz spezielle Gaascht.

(Dei 2 si fort)

Marc: Sou, lo ass de Moment, dajee, Lena, Rachel...Sophia?
Sophia: Ech sin dabäi!
Marc: Tiptop, wou ass de Kevin.
Sophia: Hie baut grad de Set op.
Rachel: D'Catherine kuckt déi ganzen Zait heihinner... Mengt der hatt wees eppes?
Marc: Lena, komm lo.
Lena: Ech versti net firwat dat grad lo si muss. Dat hei ass ëmmerhin eise Succès dee grad gefeiert gëtt.
Marc: Du kanns eis lo net einfach sou hänke loossen. Ech halen dat der net fir gutt.
Lena: Et deet mer Leed, Marc... Ech kann net.
Marc: Rachel?
Rachel: Sorry, Marc.
Sophia: Looss se einfach wa se net wëllen.

<u>Deel: 14 d</u>

Fir am Sall geschitt eppes, een neien Gaascht ass ukomm: D'Tatta.

DeMonni: Schéin dat dir et nach bis heihinner gepackt hutt.
Tatta: Sinn ech nach pénktlech fir déi éischt Rediffusioun?
DeMonni: Jerry, Broscht raus, Catherine, Champes!

- - - - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 15 -

Moderator: "Eng matt der Pan", eng Sitcom déi mëttlerweil Kult ass a Woch fir Woch mat enger neier Folleg ze iwwerzeege wees. Bei eis am Studio ass lo de kreative Kapp hannert deem Phänomen. Här DeMonni, wéi spiert sech dat un?
DeMonni: Jo, erliichtert, no der viller Aarbecht.
Moderator: Sécherlech kann een op sou eng Produktioun och immens houffereg sinn, wat mengs du Jempi?
Filmkritiker: Jo, natierlech. Op des Sitcom kann eist Land wierklech stolz sinn: et gëtt vill ze laachen, awer och vill ze léieren. E riese Succès.
Moderator: Här DeMonni, et heescht, dir hätt fir déi lescht Folleg souguer eng Gléckwonschs-SMS vum Präsident krut?
DeMonni: Eise Präsident wor schon ëmmer ee Fan vun allem wat a menger Produktiounsboîte entsteet.
Moderator: An hei e klenge Réckbléck, wat bis elo geschitt ass.

Et gesäit een de Jerry an d'Sophia op der Couch setzen, d'Sophia knied d'Anti-Stress-Kugelen.

Jerry *(kuckt d'Sophia un):* Wéi wier et mat eis zwee?
Sophia: Mech kritt just ee jonken Held, deen sech staark mecht fir eis Wirtschaft a sech den haarden Realitéite stellt.

De Buffi kënnt ran.

Buffi: Stéiert et iech, wann de Max an ech mat eiser Band prouw... *(hie kritt eng vum Jerry mat der Pan a fällt hannert d'Couche)*
Sophia: Wow, Jerry, dat erënnert mech un déi lescht Kéier wou *(Flash back)*
Et gesäit een de Jerry an d'Sophia op der Couch sëtzen, mat aneren T-shirten un. D'Sophia knied un Firma-Knietbäll
Jerry *(kuckt d'Sophia un):* Wéi wier et mat eis zwee?
Sophia: Mech kritt just een... *(gëtt ënnerbrach vum Buffi de rakënnt)*
Buffi: Hihi, ech hu mat Drogen experimentéiert an... *(Hie kritt eng vum Jerry mat der Pan a fällt hannert de Canapé)*

(Flashback)
Et gesäit een de Jerry an d'Sophia op der Couch setzen, de Jerry huet keenTshirt un, d'Sophia kniet un Firma-Stressbäll an seet den eischte Saazwei eng Reklamm an d'Kamera.

Sophia: Déi Stressbäll si fantastesch, ouni déi géif ech ni duerch meng Etude kommen.
Jerry: Wéi wier et mat eis zwee?
Sophia: Mech kritt....
Buffi kennt ran
Buffi: Ech fannen meng Schung net méi *(kritt eng mat der Pan vum Jerry, fällt op de Buedem, rappelt sech awer nees op)* mee bon, ech si souwiesou ze blöd se ze strécken *(kritt nach eng mat der Pan)*
Sophia: A schwul ass e bestëmmt och nach! *(Den Jerry schléit nach eng Kéier zou, obwuel de Buffi schon hannert der Couche läit)*

Moderator: Haha, also, déi Pan, déi kritt mech allkéiers nees.
Filmkritiker: Jo, dat mécht de Jerry wierklech gutt. Mir kënnen wierklech stolz op eis Nowuessschauspiller sinn.
DeMonni: De Jerry ass frou, dass e no deene ganze Reklammen an deenen en an der leschter Zäit gespillt huet, mol eng Kéier just wéinst sengem Kierper gecast gouf.
Filmkritiker: Déi Jonk sammelen bei sou Projeten gutt Erfahrungen an...
(Dem DeMonni sain Telefon schellt, hien heft op)
DeMonni: *(um Telephon mam Emil)* Wei, waat ass geschitt? Moment Moment Moment waaaaaaaaaaaaaaaat!!!!!!! Wou sin se lo? *(Paus)* Ah schon um Séi! Gutt, ech kommen direkt dohinner. Hutt der se alleguer? Eent ass beim Opraumen drop gaang? Awer d'Folleg vun den Owend ass sécher? Gutt.
Moderator: Den Häer Demonni muss leider goen wéi et ausgesäit, mee den Owend kënnt dier hien sëcher um Public-viewing remgesinn. Genee sou wei d'Staren aus "Eng matt der Pan". A mir gesinn eis den Owend an der Kulturémissioun, wou de Jempi eis eng fachmännesch Analyse vun der neitster Folleg gëtt.

- S Z E E N 16 -

D'Catherine well an de Studio goen, virun der Dier begéint et dem Reinhold.

Reinhold: Kanns du kuerz op de Krëppel oppassen? Dem DeMonni seng Leit kommen en herno sichen.

D'Catherine kuckt dem Reinhold verwonnert no, wéi e mat Technikmaterial am Aarm fortgeet. D'Rachel leit iergendwou um Buedem. D'Catherine leeft bei hatt.

Catherine: Rachel, wat ass geschitt? Rachel? Oh Gott, wat ass geschitt? Wat hu si mat dir gemeet?

Den Joé sëtzt am Rollstull a kuckt apathesch an de Raum.

Catherine: JOSEPH! Wat ass mam Rachel?
Joé: Burnout...Iwwerliewt net jiddereen.
Catherine: Firwat kanns du da lo op eemol schwätzen?
Joé: Deus ex Machina.
Catherine: Wou sinn déi aner?
Joé: ...déi alternativ Folleg vun der Sitcom... alles fir näischt...
Catherine: Wéieng alternativ Folleg? Wou sinn déi aner?!
Joé: Fort... gläich komme se mech sichen...
Catherine: Waaat?
Joé: Eliminéiert. Maach net wéi wanns de vu näicht wéist.
Catherine: Wouvun?

De Reinhold kënnt rëm ran.

Reinhold: Haha, ech hunn mer eise Rebellen hiert Wierk mol ugekuckt.
Catherine: Rebellen? Wéiee Wierk?
Reinhold: *(laacht)*: Jo genau, dat hun ech och geduecht. Hiere "subversive" Film do, deen se haut amplaatz vun eiser nächster Folleg ropluede wollten. Technesch immens schlecht ausgefouert. Klamauk, Clichéen a Kabes. Et ass zimlech erbärmlech.

Catherine: ...Kann ech och mol rakucken?
Reinhold: Jo, kloer *(geheit him eng DVD / eng Festplaque riwwer)*

Reinhold geet of. D'Catherine mëcht d'DVD an e Computer an e kuckt sech de Video un.

- S Z E E N 17 -

Kevin: Oh Gott, oh Gott...
DeMonni: Du brauchs net ze pinschen. Dech hätt ech och ouni är Sabotage-Aktioun rausgeschmass, du hyperaktive Péckvillchen.
Marc: Kevin, kapp héich!
Lena: Wisou sin ech hei? Ech hun näischt gemaach!
DeMonni: Mir dach egal. Dir nervt mech all gehierlos.
Hanna: A wou ass d'Catherine?
Andy: Wei näiv *bass* du dann Hanna?! Hatt huet eis verroden!
Wiert *(diskret zu Monni)*: U sech war et net d'Catherine...
DeMonni: Detailer. Oh, 't ass mer am Fong schäiss egal.

Hien bekuckt rem déi Jonk.

DeMonni: D'Catherine gehéiert net méi zu ärem Grupp. Kanner, ech hoffen dir verstitt, datt dat hei mir méi wéih deet wéi Iech. Dir hätt kéinten eng gutt Aarbecht hunn. Talent hutt der jo. Mä dir sitt esou ongedëlleg, esou...
Marc: Oh hal dach op.
DeMonni: Hunn ech nach ee leschte Wonsch éier iech d'Loft ausgoe wärt? Ech mengen net. Ma dann gin ech lo mol zréck. Et waard een tobenden Applaus op mech fir déi RICHTEG Folleg. *(diskret zum Wiert)* Ajo, virun deems de se rageheis, gëff hinnen der nach e puer lénks a riets an d'Suddel datt se menge mir hätten hei eng Dréihgenehmegung. Eddi.

- S Z E E N 18 -

<u>LESCHT FOLG SITCOM</u>

Et kënnt lo eng Sequenzfolleg:

<u>Deel 18 a:</u>
Public-viewing am Cafe, et gesäit een d'Folleg an d'Leit déi et kucken
(+ Reaktioun Firma-Chef)

<u>Deel 18 b:</u>
D'Catherine huet sech an engem Raum verschanzt, während d'Agenten firun der Dier hummeren an hatt wellen festhuelen, hatt huet de Joé am Rollstull hannert d'Dier ageklemmt.

<u>Deel 18 c:</u>
Währenddeems leeft d'Rebellenfolleg um Public-Viewing.

Jerry: Wéi wier et mat eis zwee?

D'Sophia schléit hie bal mat der Pan, hällt dann awer op.

Sophia: Dat häss de verdéngt fier deng sexistesch, idiotesch Witzer, mee d'Pan ass keng Léisung!

Deel 18 d:
D'Andy stellt sech virun d'Sophia an de Jerry, Gesiicht zur Kamera.

Andy: Léiw Jugend, dir gitt veraarscht. Vun Ären Employeure a vun Äre Politiker.
D'Hanna kënnt sech niewt hatt stellen.

Permanent gitt dir op der Strooss verarscht: vu Reklammen, Autoen, dem Transportsysteem vun ärem Portmonni an äerer VISA. Dir gitt an der Schoul verarscht, am Bus, am Fliger an an der Arméi. Dir gitt vun de Flicke veraarscht, vun Ärem Gesondheetswiesen, a zumools vun Ärem Kinosbedreiwer. Dir gitt vun äerem Buergermeeschter veraarscht, vun ären Unis-Proffen, vun allen Télésprogrammer déi der kuckt. Dir gitt am Internet verarscht, vu Sozialen Netzwierker an vu Säiten matt deenen genschtegsten Angeboter. Vun Ärem Provider Vun ärem Handy, vun ärem Laptop! Dir gitt vun de Bicher an Zaitungen veraarscht, déi dir liest, vun der Limonade, déi der drenkt an vun der Vakanz, an déi der fuert.Äre Croupier verarscht iech, genee wéi Äre Metzler, Ären Ökobauer, Är Dictiounsproffen, vun Ärer Wahrsagerin, vun Ärem Homöopath, vun den Inten am Park, vun Ärem Paschtouer, vum Adel, vun Äre Filmkritiker a vum Etienne Schneider. A virun allem vu LIXO, déi veraarschen Iech am Schlëmmsten.

Hanna: Léiw Jugend, aner Leit bestemmen är Zukunft. Dir kritt d'Zukunft geklaut. Se gehéiert Iech, an keen huet d'Recht se Iech fortzehuelen. Stitt op an huelt se Iech zereck.
Marc: Léiw Jugend, wann dir iech global vereenegt an ufänkt fir är gemeinsam Zieler ze kämpfen, kann keen iech stoppen.

Deel 18 e:
De Monni kënnt an de Café ran, et ass grad deen zweetleschte Saatz, hien kuckt entgeeschtert no. Et ass riwwer, an d'Leit dréinen sech all a seng Richtung. D'Tatta kënnt rosen op hien zougestampft.

Tatta: WAT WAR DAT? Ech verlaangen eng Erkläerung!!
DeMonni: Eh, jo, eh wou... ehm.

All Mënsch rondrem ass roueg, d'Musek geet aus. Um Bildschirm ass ze gesin, wéi all d'LIXO-Produiten an d'Poubelle geheit gin/zerstéiert gin.

Tatta: *(brëllt)* WAT WAR DAT?
DeMonni: Dat... war Konscht.
Tatta: Konscht?
DeMonni: Majo. Konscht. D'Kritik un d'Gesellschaft... ass... eng Warnung? Wat passéire kéint! Jo! An d'Verbrennung vun der Foto... eng Metapher zu ärer flamender Leidenschaft fir d'Arbecht!

D'Tatta kuckt den DeMonni eescht un, an fänkt duerno u mat laachen. All Mënsch ronderëm laacht erliichtert mat.

Gast 2: Haha, et ass just Konscht a mir sinn all drop ragefall. Wonnerbar.
Tatta: *(stolz op sech selwer)* Ech sinn ee grousse Fan vu moderner Konscht.
DeMonni: Dat freet mech wierklech.
Tatta: Dat doten ass dann wuel en plus kritesch modern Konscht, jo?
DeMonni: Ehjo, also...

Tatta*: (Setzt ee Kennerbléck op)*: Ah jo, ech gesi jo lo och, dass se hei ganz interessant mat Faarwen geschafft hunn. An déi Linieféierung réicht.
DeMonni: Dir wësst jo, dass ech scho laang vir hat, mat enger Produktioun op Cannes ze goen, an natierlech ass soueppes do ëmmer gär gesinn.
Tatta: Jo, ech hat mer soueppes geduecht, wierklech eng ganz agreabel Iddi.
DeMonni: Ganz ënnert eis, déi Folgen virdrunner woren jo éischter eppes fir d'Éislecker...
Tatta: Jojojojo, definitiv, absolut, soueppes hei versteet jo och net all Mënsch.

<u>Deel 18 f:</u>

D'Sitcom-Folleg gëtt ennerbrach, den Cinémag-Studio ass ze gesinn.

Moderator: Definitiv eng... speziell Folleg. Ass do eppes schief gelaf, oder wéi ass dat ze verstoen?
Filmkritiker: Lauschtert mol, ech si laang genuch an deem Geschäft fir ze gesinn wou eppes schief leeft a wou net. A mir sinn haut den Owend Zeie ginn vun enger ganz interessanter Botschaft. An deenen anere Folgen krute mer ~~op subtil Aart a Weis~~ gewisen, wéi sech d'Jugend ze verhalen huet. An dëser Folleg lo, an dat ass een immens schlaue Wee, kréie mer gewisen, firwat eng onkontrolléiert Jugend eng Gefor fir eis ass.

Nees op der Public-Viewing Party, Applaus, den DeMonni kann säi Gléck net gleewen, hien ass immens frou. De Buffi steet nach ëmmer mat oppenem Mond virum Bildschirm.

Tatta: Kéint ech déi jonk Kënschtler dann mol kenneléiren?
DeMonni: Ah. Majo... Entschëllegt mech dann kuerz.

Den DeMonni rennt aus dem Sall. Et gesäit een e lo rem op de Séi laafen, bis dass hien beim Wiert ukënnt.

DeMonni: *(ausser Otem)* Emil... déi Jonk... net...
Wiert Emil: Jojo, Chef, et ass schon dofir gesuergt gin.
DeMonni: Se liewen also?
Wiert Emil: Just wann se Kiemen hun...

Den DeMonni gesäit dem Joé säi Rollstull um Waasser schwammen.

DeMonni: ...Oh... Schäiss.

Et gesäit een wéi déi Jonk liewlos ënnerwaasser un hiere Betonsbléck hänken, während d'Catherine an de Joé laanscht hinnen doud am Waasser laanscht dreiwen.

- - - - - - - - - - - - - - - - S Z E E N 19 -

D'Tatta, d'Kulturministech an den DeMonni sin am Büro vum DeMonni.

Tatta: Wat ass dann elo mat dene Jonke passéiert?

Den DeMonni laacht genéiert.

DeMonni: Dir wësst jo wéi déi jonk Leit sinn... Mol si se do, dann täuche se op eemol ënner, an et héiert een näischt méi vun hinnen.

Um Séi, den Emil steet alleng do eng ze fëmmen. Um Fong vum Séi gesäit een deene Jonk hier Kadaveren un de Betonsbléck hänken, d'An zou. Op eemol tauchen 2 Silhouetten op, déi rondrem se schwammen. Eng bleiwt firum Hanna ston: et ass eng Meerjungfrau, déi d'Hanna ukuckt. Si peekt dem Hanna säi Gesiicht un, an gëtt him ee Kuss op d'Stier, éier se mat den anere Silhouette rem fortschwëmmt. No enger Zäitchen gin dem Hanna seng Aan rëm op, ganz wäiss. Den Emil dréckt seng Zigarett um Graass aus. Hie bemierkt wéi d'Waasser onrouheg gëtt. Hien geet bei de Bord an béckt sech no fier bis op eemol eng Hand aus dem Waasser kënnt an hien um Hiem gräift.

K-M: Mee wéi wëllt der dann lo op deen Erfolleg opbauen? Mier brauchen si dach!
DeMonni: Wees de, aus Erfahrung géiff ech soen, et dauert net laang, dann schellt et un der Dier an iergendeen Jonken steet do dee verzweifelt no enger Aarbescht sicht.

Et schellt un der Dier.

DeMonni: Wat sot ech der?

Hie mëcht op a gesäit déi Jonk, déi am Séi ersoff sin - an zwar als durchnässt Zombien.

BLACK

Lidd am Ofspann, vum Andy senger Band.
We're here for the brains
for no one else reclaims
the justice that still remains
for the slaves who live in chains
therefore we demand your brains!

(Iwwergang op d'Credits mam Lidd, währenddems Leit am Hannergrond jäitzen)